



Dépôt : Mme Monique Tremuth, le 26.12.2018

1170 - Demande de pétition publique : Contrôles frontières ; Grenzkontrollen ; Border Controls

Dépôt : M. Christian Lamesch, le 28.12.2018

1171 - Demande de pétition publique : Fir de generale Verbuet vu privatem Freedefeier

Dépôt : M. Robert Schommer, le 01.01.2019

1172 - Demande de pétition publique : Verbot von Feuerwerk in Luxemburg - Interdiction des feux d'artifice au Luxembourg

Dépôt : M. Kim Meyer, le 02.01.2019

1173 - Demande de pétition publique - cette demande de pétition publique a été retirée.

1174 - Demande de pétition publique : Géint Feierwierk - Contre les feux d'artifice

Dépôt : M. Paul Damé, le 03.01.2019

1175 - Demande de pétition publique : Fir en eenheetlecht Parkreglement op nationalem Plang fir d'Besëtzer vun de sougenannten „Handicap-kaarten“ (mobilité réduite)

Dépôt : M. Marc Gatti, le 04.01.2019

1176 - Demande de pétition publique : Abrogation de la loi pénale contre le racisme, l'antisémitisme et la discrimination (art. 454 et svt. du code pénal)

Dépôt : M. Pierre Peters, le 08.01.2019

1177 - Demande de pétition publique : NON à l'extraterritorialité des sanctions économiques et commerciales états-uniennes

Dépôt : M. Joël Wunsch au nom de Amistad Luxemburgo-Cuba, le 09.01.2019

1178 - Demande de pétition ordinaire : Eng Chance fir all Kand

Dépôt : M. Serge Schumacher, le 29.12.2018

1179 - Demande de pétition publique : Pour les péages aux frontières

Dépôt : M. Daniel Tiago Antunes, le 11.01.2019

1180 - Demande de pétition publique : Résidence alternée des enfants comme base de négociation en cas de séparation

Dépôt : M. Mathieu Wanlin, le 11.01.2019

1181 - Demande de pétition publique : Éischt-Klass-Zuchabteiler reservéiere fir Persounen mat reduziéierter Mobilitéit

Dépôt : M. Tom Kemp, le 11.01.2019

1182 - Demande de pétition publique : Pétition ayant pour objet une sensible réduction respectivement la gratuité des services bancaires de base par le biais de modifications à apporter à la loi du 13 juin 2017 relative aux comptes de paiement

Dépôt : M. Nico Hoffmann au nom de l'Union luxembourgeoise des consommateurs nouvelle ASBL, le 14.01.2019

1183 - Demande de pétition publique : Pétition pour l'abolition des pétitions en ligne

Dépôt : M. Claude Wangen, le 15.01.2019

1184 - Demande de pétition publique : Recht op Pensjoun mat 50 Joer

Dépôt : M. Guy Schanen, le 16.01.2019

1185 - Demande de pétition publique : Droit à la pudeur des enfants dans les douches des piscines publiques

Dépôt : M. Alfredo De Vasconcelos Guimarães, le 16.01.2019

1186 - Demande de pétition publique : Amélioration des droits des copropriétaires vis-à-vis des locataires dans les résidences

Dépôt : Mme Laurence Evrard, le 16.01.2019

1187 - Demande de pétition publique : Remboursement sans délai des soins en ostéopathie par la CNS !

Dépôt : M. Stefano Botta, le 16.01.2019

1188 - Demande de pétition publique : Baisse d'impôts pour les célibataires

Dépôt : M. Giancarlo Sartori, le 18.01.2019

1189 - Demande de pétition publique : QUALITÉ au lieu de gratuité!

Dépôt : M. Jean-Paul Schmitz, le 18.01.2019

1190 - Demande de pétition publique : Loyers-praïsser erofsetzen

Dépôt : Mme Mandy Michels, le 21.01.2019

1191 - Demande de pétition publique : Retour des arrêts de bus sur l'avenue John F. Kennedy (Kirchberg)

Dépôt : Mme Jessica De Ganseman, le 22.01.2019

1192 - Demande de pétition publique : National-representatioun

Dépôt : M. Fernand Pott, le 22.01.2019

1193 - Demande de pétition publique : Congé paternel égalitaire

Dépôt : M. Lou Schwartz, le 23.01.2019

1194 - Demande de pétition publique : Fir d'Upasse vum generale Gëltegkeetsdatum (4b) vum Führerschäin un de Gëltegkeetsdatum vun der längster Kategorie - Pour l'harmonisation de la date générale de validité des permis de conduire (4b) avec la date de validité de la catégorie la plus longue

Dépôt : M. Michel Hinterscheid, le 24.01.2019

1195 - Demande de pétition publique : Pour l'introduction d'un cours portant sur « La tolérance, la compréhension et l'acceptation de la diversité » à partir de l'école fondamentale (7-8 ans) et/ou au secondaire

Dépôt : Mme Victoria Colling, le 24.01.2019

1196 - Demande de pétition publique : Pétition pour la régularisation et le remboursement de certains traitements de naturopathie en complément de la médecine officielle - Petitioun fir d'Unerkennung an d'Reckerstattung vu verschiddenen alternativen Heelmethoden als Ergänzung zur Schoul-medezinn

Dépôt : Mme Carine Becker, le 24.01.2019

1197 - Demande de pétition publique : Cachet de la poste faisant foi pour certificat d'incapacité de travail pour l'employeur

Dépôt : M. Saïd Bouressam, le 25.01.2019

1198 - Demande de pétition publique : L'autofestival ou le climat ?

Dépôt : M. Philippe Malaisé, le 25.01.2019

1199 - Demande de pétition publique : Vignette pour les routes luxembourgeoises

Dépôt : M. Andy Humbert, le 25.01.2019

1200 - Demande de pétition publique : Gratis effentlechen Transport jo oder neen

Dépôt : M. Marc Dax, le 26.01.2019

1201 - Demande de pétition publique : Interdiction des bouteilles en plastique et des emballages et sacs en plastique non nécessaires dans les supermarchés

Dépôt : Mme Agnès Michel, le 26.01.2019

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

3. 7392 - Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 21 avril 1928 sur les associations et les fondations sans but lucratif

Déclaration de recevabilité

An hirer Reunioun vum 24. Januar huet sech d'Presidentekonferenz fir d'Recevabilitéit vun enger Proposition de loi ausgeschwat. Et handelt sech ëm d'Propositon de loi 7392, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Associatiounen, déi den 18. Dezember 2018 vun deenen Häre Sven Clement a Marc Goergen deponéiert gouf.

Schleisst d'Chamber sech dem Virschlag vun der Presidentekonferenz un, fir d'Proposition de loi 7392 als recevabel ze erklären?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

4. Changements de composition des commissions parlementaires

Wat d'Zesummesetzung vun de parlamentaresche Commissiounen ugeet, huet d'DP-Fraktioun folgend Propositionen eragereecht: An der Commission de la Digitalisation, des Médias et des Communications ersetzt d'Madamm Carole Hartmann den Här Max Hahn, an an der Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense ersetzt den Här Max Hahn d'Madamm Carole Hartmann.

D'Fraktioun vun deene Gréngen huet hirersäits folgend Propositionen eragereecht: An der Commission des Comptes ersetzen den Här François Benoy an den Här Charles Margue d'Madamm Josée Lorsché an den Här Henri Kox.

Ass d'Chamber mat dësen Ofännerungen, wat d'Zesummesetzung vun dëse parlamentaresche Commissiounen ugeet, averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

5. Changement de composition d'une délégation parlementaire luxembourgeoise auprès d'une assemblée parlementaire internationale

D'LSAP-Fraktioun huet, wat d'Zesummesetzung vun der Délégation luxembourgeoise

auprès du Conseil parlementaire interrégional, dem CPI, ugeet, matgedeelt, datt den Här Yves Cruchten den Här Alex Bodry als Membre suppléant soll ersetzen.

Ass d'Chamber mat dëser Ofännerung, wat déi Delegatioun ugeet, averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

6. Ordre du jour

D'Presidentekonferenz schléit fir dës Woch folgenden Ordre du jour vir:

- 1) eng Froestonn un d'Regierung,
- 2) d'erweidert Fro Nummer 1 vum Här Marco Schank iwwert d'Energiepäss,
- 3) d'erweidert Fro Nummer 2 vun der Madamm Martine Hansen iwwert d'Verkéiersaccidenten mat Kollisiounen mat Beem,
- 4) d'erweidert Fro Nummer 3 vum Här Marco Schank iwwert de gratis Transport, deen 2020 agefouert gëtt,
- 5) de Projet de loi 7243 iwwert d'technesch Virschrëfte fir Schëffer - nom Basismodell,
- 6) de Projet de loi 7248 iwwert de Finanzement vum RENITA-Reseau - nom Modell 1,
- 7) d'Proposition de loi 7384, eng Ofännerung vum Kapitel 9 vum Gesetz iwwert d'Finanzéierung vun de Wahlcampagnen - nom Basismodell,
- 8) de Projet de loi 7385, eng Ofännerung vum Artikel 295 vum Wahlgesetz - nom Basismodell.

En Donneschdeg hu mir:

- 1) d'Designatioun vun zwee Membere vum Conseil national des finances publiques an
- 2) d'Designatioun vun engem President a véier Membere vum Centre pour l'égalité de traitement.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

7. Heure de questions au Gouvernement

Haut de Mëtteg huet d'Chamber eng Froestonn un d'Regierung.

Laut Artikel 86 vum Chambersreglement huet den Deputéierten zwou Minutten Zäit, fir seng Fro virzedroen, an d'Regierung huet véier Minutten Zäit, fir drop ze äntwerten.

Als Éischt hu mer d'Fro Nummer 11 vum Här Marco Schank un de Minister fir Mobilitéit an effentlech Bauten iwwert d'Parkméiglechkeete bei der Ettelbrécker Gare. Här Schank, Dir hutt d'Wuert.

- Question n° 11 du 29 janvier 2019 de M. Marco Schank relative à la situation de parking et de stationnement à la gare d'Ettelbruck, adressée à M. le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics

► **M. Marco Schank** (CSV).- Merci, Här President. Fir d'Éischt emol wollt ech dem Minister soen, datt d'CFL-Clientë sech freeën driwwer, datt de Chantier zu Ettelbréck endlech amgaangen ass. Ëmmerhin eng Gare, déi déi gréisst no der Stad Lëtzebuerg ass a puncto Passagéierzuelen.

Wouriwwer d'Clientë sech net esou freeën, dat ass, datt d'Parkplazen dramatesch ofgehoill hunn. An enger Question parlementaire vum 22. Juli 2015 hat de Mobilitéitsminister mer geäntwert, datt een zu all Moment vum Chantier, also och an deene kritesche Phasen, géif bei weinstens 100 Parkplaze bleiwen. Déi sinn elo ënner 70 gerutscht, wéi d'Stad Ettelbréck mer gesot huet. An dat ass natierlech net gutt fir d'Qualitéit fir d'Usagere vun der Bunn.

A firwat datt ech déi Fro stellen: Wann ee kuckt, zu Ettelbréck op der Gare nieft dem Verbandsgebaai gëtt et en Terrain vague direkt un deem reduziéierte Parking drun. Ech weess elo net, ob d'Responsabel vun der CFL sech d'Méi gemaach hunn, fir do ze verhandelen, fir effektiv dee Parking zousätzlech ze notzen. Mä vläicht weess de Minister dozou eppes weider.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Schank. Den Här Minister fir Mobilitéit an effentlech Bauten huet d'Wuert an ass schonn ënnerwee.

► **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*.- Merci dem Här Schank fir déi Fro. Ech mengen, d'Gemeng Ettelbréck huet e bëssen aner Zuelen, wéi ech se hunn, oder zumindest déi, déi ech ziele gelooss hunn. Et war esou, datt am Espace public virdru 86

Plazen zur Verfügung waren. Do sinn der elo nach 46 zur Verfügung. An da bei der Gare waren der 144 zur Verfügung. Do sinn der elo nach 110. Dat heescht, vun 230 Parkplazen, am Total, déi do zur Verfügung waren, sinn der nach 156 iwwreg. An dat Ganzt maache mer, fir herno vun 230 op 430 Parkplazen eropzegoen. Dat ass jo een Deel vum Chantier.

Derbäi kënnt och nach, datt mer mam Verband amgaange sinn, ganz positiv Gespréicher ze féieren. Do kënnt wahrscheinlech och nach e Souterrain. Bon, dat heescht, wann déi Aarbechte fäerdeg sinn, gëtt dat eng aner Situation wéi haut.

E Chantier ass e Chantier. An dat hei ass net iergendee Chantier. Et sinn d'CFL an d'Ponts et chaussées, déi do schaffen, dorop wëll ech hiweisen. An déi brauchen nun emol och Plazen, wou se hire Chantier organiséiert kréien. An dat ass net anescht zu Ettelbréck, wéi et och an der Stad ass, wéi et op anere Plazen ass. Dat féiert noutgedrongen zu Reduktiounen beim Parken oder och de Spure fir Autoen am Verkéier an esou weider. Dat brauch ech lech net ze soen.

Also, wéi gesot, am Moment sinn, am Total, 156 Parkplazen zur Verfügung. Se si vun 230 op 156 erofgaangen. Dat sinn der natierlech manner, bal 80 manner, oder iwwer 80 manner. Dat ginn ech gär zou. Neen, net grad 80 manner. Mä et sinn der awer nach ëmmer disponibel. A wann nëmme Méiglechkeete géife bestoen, Saachen nach aneschtens ze recuperéieren, fir der zousätzlech ze maachen, sinn d'CFL an och d'Ponts et chaussées bereet, dat ze maachen. Mä ech kann lech awer och do versécheren: Et ass zimlech alles gekuckt ginn. An esou, wéi de Chantier wäert organiséiert ginn - et dierf ee jo net nëmmen dat kucken, wat elo amgaangen ass, mä och dat, wat elo wäert kommen an den nächste Wochen -, ass dat doten dat, wat de Moment méiglech ass.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Mir kommen elo un d'Fro Nummer 12 vum Här Gusty Graas un de Verdedegungsminister iwwert den Traité sur le contrôle des forces de portée nucléaire. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

- Question n° 12 du 28 janvier 2019 de M. Gusty Graas relative au traité sur le contrôle des forces de portée nucléaire (FNI), adressée à M. le Ministre de la Défense

► **M. Gusty Graas** (DP).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, den 8. Dezember 1987 gouf de Washington-Vertrag ënnerschriwwen tëschent dem deemolegen amerikanesche President, dem Ronald Reagan, an dem Michail Gorbatschow. An do ass et virun allem ëm den Ofbau gaange vun den amerikaneschen a russeschen atomare Mëttelstreckerakéiten, déi eng Räichweet deemools vu 500 bis 5.500 km haten. Den 1. Juni 1988 ass dee Vertrag a Kraaft getrueden. Mä zënter 2007 kann ee soen, datt vu russescher Säit dee Vertrag awer a Fro gestallt gëtt, besonnesch vum President Putin. Och den Här Trump huet elo am leschten Oktober ugekënnegt, datt d'USA sech aus deem Vertrag wëllen zrëckzéien. Et gouf och elo e gewëssene Sträit tëschent deenen zwou Weltmuechten.

Ech wëll drop hiweisen, datt et am leschten NATO-Russland-Rot, dat war de leschte Freideg, ech wëll net soen, zu engem Ecclat kouw, mä et war awer net wäit dovun ewech. Jiddefalls konnt keng Eenegung fonnt ginn. De Russe gouf eng Frist bis den 2. Februar accordéiert, ob se sech do konform zum Vertrag wëlte verhalen. Virun allem gëtt do monéiert, datt hir Marschfluchkierperen 9M729 de Vertrag net géife respektéieren, well déi eng Räichweet hätte vun 2.600 km. Dat géif ënner anere bedeuten, datt ganz vill europäesch Metropolen domadder kéinte viséiert ginn, virun allem natierlech dann och Lëtzebuerg.

Moskau mengt op där anerer Säit, d'USA wëiten erëm en neie Rüstungsprogramm hei an d'Weeër leeden. Ech mengen, vu déi brisant Situation, déi sech awer elo an deene leschten Deeg do entwéckelt huet, wollt ech dowéinst véier Froen un den Här Minister stellen:

Éischstens, wéi schätzt de Minister selwer d'Gefor an, déi elo eng eventuell Kënnegung vun dësem Vertrag kéint mat sech bréngen?

A wat wieren, zweetens, d'Konsequenze fir Europa, wat d'Sécherheet ubelaangt?

Drittens, missten eventuell vläicht souguer nei atomar Waffen op europäeschem Buedem stationéiert ginn?

An dann och véiertens, vu datt jo awer Lëtzebuerg och Member vun der NATO ass, wier et nawell vläicht net oninteressant, gewuer ze ginn, wat och d'Position vun der Lëtzebuerger Regierung zu där Eskalatioun, kann ee scho bal soen, an där doter Problematik ass.

Ech soen lech Merci.